N°2594
Entrée le 06.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°2594 vum 10. Juli 2025 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement**

1. **Firwat goufen d'Nuetsprimme bei der Douane nach net wéi soss üblech Enn Abrëll respektiv Enn Mee ausbezuelt?**

En informatesche Problem mat der Applikatioun, déi d'Arbechtszäiten enregistréiert, huet mat sech bruecht, dass d'Donnéeë réischt mat 2 Méint Verspéidung konnten exportéiert ginn.

2. **Wäerten d'Nuetsprimme mam Augustsalaire, deen Enn Juli ausbezuelt gëtt, ausbezuelt ginn? Wa nee, firwat net? Falls d'Nuetsprimme net Enn Juli ausbezuelt sollte ginn, fir wéini ass dëst virgesinn?**

Déi betraffe Primme sinn Enn Juli mat den August-Paien ausbezuelt ginn.

Lëtzebuerg, de 6. August 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth